

# D'ÂLFRÂEMILLEN.

Perso'nen: Madame Lisbeth Gemittlech
Joffer Marie Granzeg
Joffer Suzanne Quiseleg
Joffer Margrit Ömmerfro'
Trinchen
De Propriétaire vun der Millen.

---

1. Akt

( E miwle'ert Zömmer. Madame Gemitlech sötzt an der Fotell. Den Dösch ass gedeckt.)

Mme Gemitlech: (gemitlech a pose'ert) T'gét neischt iwer d'Gemittlechkét. Dăt wor schon ömmer mengem Mann, Gott tre'scht en, sei Sproch, an t'ass och mein. D'Gemitlechkét ass gudd fir Leiw a Se'l. Eng gudd Tass Kaffi mat Schmant an Zocker ass e Genoss, dăt Bescht wat et göt op der Welt. So' e gemittlechen ălen Dăg ass dach eng fei Săch.
An de' gemittlech Nomötteger mat mengen ăle Fröndinnen aus der Kannerzeit ge'f ech fir neischt op der Welt wölle mössen, Si lossen haut nawell lang op sech wărden, nujé, t'gét net op e puer Minuten un, t'Hăptsăch ass dat se ower kommen ( kuckt aus ) Hei do könt jo schon d'Joffer Granzeg, ech fannen, si ass an der leschter Zeit fame's ăl gin, an dach ass se nömmen e Joer me' ăl we' ech! Mais si verdrét nach ömmer eng gudd Tass Bo'nikaffi a gudd granzeg ass se och.
( t'klappt:) Entrez!
( T'Joffer Granzeg könt eran) - Härzlech Wölkomm, mei le'wt Marei! A we' kucks de nés dran?

Joffer Granzeg: ( otemt schwe'er a sét verdrösslech) Du hues gudd lăchen, du braus ké weide Té bis heihin ze man.

Gemitlech : Hun de' puer Schrött dech eso' midd gemacht? Jo, jo, den Alter!

Granzeg : Nun hăl schon op! Fir neischt op der Welt wöllt ech meng Johre verkăfen! Wé könnt hautdesdags nach wölle jonk sin an dér grujeleger Welt.

Gemitlech : Du hues recht, Marei, an E'ren si mér ăl a gro gin a mir wöllte beileiwe net röm ufänken.

Granzeg : T'ass eng schumnenswert Zeit, de Jonktem dreiwt et ze bont!

Gemitlech : Vill ze bont, du hass recht!

Granzeg : Neischt we' Amusement! Haut göt gedanzt, muer göt gedanzt an iwermuer göt eröm gedanzt. Da fueren se mam Velo fort, oder mat eso' engem eklegen Dengen, dăt e Gesicht huet we' en De'er.

Gemitlech : A, du mengs en Auto.

Granzeg : ( wenkt jo ) Jo, dass dăt!

Gemitlech : Ech si mat mengem Mann, Gott tre'scht en, nie anescht gang ass we' zu Fouss, a si mer emol eng Ke'er gefuer, da nömme mat der Postkutsch.

Granzeg : A jo, mat der gieler! Wăt wor dăt dach eng goldeg Zeit!

Gemitlech : A wăt wore mir démols agezugen a sittsam Méderchen!

Granzeg : T'ganz Stiedchen kont sech u mir e Beispill huelen.
( et klappt ganz lues )

Gemitlech : A wén ass dann dăt? Entrez! Ech he'eren et un der Klapp, t'ass d'Joffer Quiseleg. Entrez!

J.Quiseleg: ( könt lues a fromm eran )

Granzeg : We' köns de so' recueille'ert dohier!

Gemitlech : Gutt dass de köns, Suzanne, du hues alt lang op dech warde gelos

Quiseleg : Ech hu fir t'ganz Welt ze biedon fir de' Jong an de' Al, de' Gutt an de' Schlecht.

Granzeg : Mir wärten dach wuel net zu déne leschten gehe'eren.

Gemitlech : Fir t'e'scht musse mer ons elo mol stierken.- Wo' bleiwt nömmen ons Trinchen? O jé, loss mer d'Jugend sech e bösschen amuse'ere lossen.

Quiseleg : T'huet én den Hals so drechen vun all dém Gebieds.

Granzeg : Ech mengen, du bass och zevill quiseleg.

Quiseleg : Ech, quiseleg! Gottse'leg nennt én dăt!

Gemitlech : Jojo, gottse'leg! ( schött de Kaffi eraus)

Quiseleg : An dăt passt sech och fir én, dén de Leit am Stiedchen wöllt d'gudd ~~Beispill gin~~.

Granzeg : Ech wor ni eso' gottse'leg, mais t'könt jidderén am Stiedchen sech u mir erbauen.

Quiseleg : Hmmm, dé Kaffi, wăt en Aroma! Lisbeth, du hues bestömmt eng extra Bo'n dra gemacht.

Gemitlech : Net nömmen eng! Wăt me' stărk, wăt me' gemittlech. An d'Gemittlechkét gét iwer alles, dăt wor d'Leiwspröchelchen vu mengem Mann, Gott tre'scht en, an dăt ass och meint.

Quiseleg : Dé Kaffi hei mecht én nach me' gottse'leg.

Granzeg : Dann drenks es alt net zevill, soss göt et dés gudden dach zevill.

Gemittlech: Hätt ech nömme nach besser Zänn!

Quiseleg : Jo, wan é scho bei Johren ass...

Granzeg : Wat huet dir nömmen ömmer mat déne Johren, fir ké Geld a ké Preis wöllt ech nés jonk sin. Bedenkt emol, wan é misst alles matmachen, wăt de Jonktem vun haut dreiwt!....

Quiseleg : (skandalise'ert ) Du lieweger Hierscht! nén!

Gemitlech : Di huet nawell recht, losse mer ons fréen, dass mer an E're gro' si gin.

Granzeg : Ech mengen es eso'

Quiseleg : Den Alter ass eng E'rekro'n ( drönkt ) Ei, wăt din de' Schluppen engem gudd.

Gemittlech: Hei Suzanne a Marei huelt iech nach me' Rahm an Zocker, dat profite'ert der Gemitlechkét. - A wo' soll d'Joffer Ömmerfro' dan haut so' lang stiechen?

Granzeg : Loss de nömme wo' sé ass!

Quiseleg : Si mecht eso' vill Kome'di, dăt ste'ert mech dermossen a menger Gottse'legkét!

Gemitlech : Si ass alt nach jonk!

Granzeg : Mat 6o Joer, nach jonk!

Gemitlech : Fir ons ass dǎt dach nach jonk!

Granzeg : E Gléck, dat mir net me' an déne Gefohre stiechen we' de Jonktem vun haut.

Gemitlech : A warm a gemitlech an der Fotell sötze können, ech soen iech et ömmer: t'gét neischt iwer d'Gemitlechkét!

( D'Joffer Ömmerfro' könt eran, lieweg a quecksölwreg )

Ömmerfro' : Bonjour all matenén!

All : Bonjour Margrit.

Granzeg : Al Trentlech do, t'ass deng Schold wans de elo kǎle Kaffi kriss.

Gemitlech : Né, mir gi warme sichen. Kǎle Kaffi ste'ert d'Gemittlechkét, an d'Gemittlechkét gét iwer alles. Wär dach d'Trinchen nömmen hei! Nujé, da gin ech en alt selwer sichen. (gét)

Quiseleg : T'kan jo och emol e Sacrifice brengen!

Granzeg : Hues du vleicht och aus Sacrifice schons de' 6.Tass Kaffi era gefeiert?

Ömmerfro' : Da losst mech dach och emol zu Wuert kommen. Mengt dir ech wöllt elo Kaffi, beileiwe net, ech si nömme kom fir iech eng onerhe'ert Nouvelle ze brengen.

Granzeg : Dǎt wärt mer schon eppes Glǎtes sin!

Quiseleg : Hoffentlech ass et eppes Zergutstertes!

Gemitlech : (könt nés eran) Da sötz dech dach, Margrit, dǎt mecht alles fill me' gemittlech.

Ömmerfro' : Stellt iech vir, t'ass wirklech wo'er, do könt der Göft drop huelen.

Granzeg : A wǎt dann?

Ömmerfro' : Nén, so' eppes wor nach ni do!

Granzeg : D-jibbel nach emol, dann eraus mat der Fǎrw.

Ömmerfro : Also lauschtert: T'ǎss eng Wonnermillen hei an der Stǎdt. Si nennen se d'Alfrǎemillen.

Quiseleg : We' respektlos he'ert dǎt sech un!

Ömmerfro' : Also eng Wonnermillen, de' muelt ǎl Frǎen, an si kommen dan als frösch jong Médercher nés eraus!
( allen drei hǎlen sech d'O'ren zo')

Ömmerfro' : A wie wöllt net nés gäre jonk sin. Dass én röm danzen a sprange könt.

Quiseleg : Wǎt eng hédnech Opfassong! Vanitatum vanitas!

Granzeg : Nés jonk sin! Net fir alles op der Welt! Mir sin an E'ere gro gin.

Gemitlech : Ech son dǎtselwecht, an d'Gemitlechkét ass me' eng Sǎch fir de' Al we' fir de' Jong.

Ömmerfro' : Wǎt si dir mir fir eng Gesellschaft.- Och gutt, da machen ech alt alles eleng mat - ah, do könt jo d'Trinchen!

Trinchen : (zur Mme Gemitlech) Bomi, huel mer et net iwel. Mais so' eppes göt et net all Dǎg. Denkt iech, eng Millen!

Granzeg : Mir wössen et schon.

Trinchen : De' mecht aus ále Fräen nés jong Médercher. D'Ganz Welt ass op de Bén. Dir musst och all dragoen, wát göt dát eng Fréd!

Ömmerfro' : Ei, hat denkt we' ech. Natirlech mache mir mat.

Gemitlech : Nén, nén, ech bleiwen so' we' ech sin.

Granzeg : An ech nach me' secher.

Trinchen : Wát, dir veruecht de Jonktem, wo' d'Liewen dan dach nach eng Ke'er so' sche'n ass. Danzeh, sangen, sprangen...

Quiseleg : Vanitatum vanitas!

Ömmerfro' : Mech hält kén dervun of a wan dir iech zu ären ālen Dég och nach op d'Kopp stellt.

Trinchen : Ech si platt. All āl Fräen kommen erbei gestre'mt, nömmen dir hei sid eleng so' réckstänneg.

Gemitlech : Komm, Trinchen, mei Kand, du regs dech zevill op. Hei, huel der e Stéck Kuch an drenk eng Tiessche Kaffi.

Trinchen : Né, né, Bomi, vu lauter Ierger hun ech es scho genug. Ech hāt geduecht, iech eng flott Nouvelle ze brengen an elo macht dir et eso'!

Ömmerfro' : Tre'scht dech u mir, Trinchen, ech losse mech zermuelen.

Trinchen : Vleicht change'eren de' aner Dammen hiren Idi nach!

Granzeg : Nie a nimmer!

Quiseleg : Den Härgott soll mech bewähren virun de Gefohren vum Jonktem.

Gemitlech : Lo ass et dés genug. Losse mer d'Mille klappre lossen so' lang se wöllt. Mir drei bleiwe gemittlech beienén, well et gét neischt iwer d'Gemitlechkét ( schöt de Kaffi eraus )

Trinchen : Kommt, Joffer Margrit, ech fe'eren iech dohin.

Ömmerfro' : Dir wärt scho nach nokommen. ( si röselen all opgeregt de Kapp)

Quiseleg : Vanitatum vanitas! ( drenkt hire Kaffi eidel)

R I D E A U

## II. A K T .

( D'Bühn ass durch eng sponesch Wand an zwé gedélt, no vir, zu de Leiden zo' ass se op. An der salle d'attente sötzen zwo' Fräen, de' fir sech schwätzen (Mimik), am änere Parloir d'Mme Gemitlech)

Gemitlech : Hei ass also de Parloir vum Här Möllerméschter. T'ass nawell net eso' iwel, zemols de' Fotellen hei, wo' én so' gudd dra rasch-te kann. T'muss dach bāl eppes un der Sāch wo'er sin, an ech hu mer d'Sāch iwerluegt. D'Gemitlechkét le'sst sech och mat Jonktem kombine'eren. A wāt wärten d'Suzanne an d'Marei Ae machen! Wie wéss, vleicht stiechen ech se och nach un. Wan we de' nächste Ke'er op de Kaffi kommen, da sprangen ech hinnen als flott jonk Médchen entge'nt. Ah, den Här Möllerméschter.

Möller : ( reiwt sech d'Hänn ) So' ass et richtig, Madame. A we' āl sid dir dann?

Gemitlech : 71, Här Möllerméschter.

Möller : A wären et der 1oo, dann hätt glad neischt ze soen!

Gemitlech : (schlét d'Hänn zesummen ) T'ass net me'glech!

Möller : Meng Millen ass so' eppes Wonnerbares, we' et nach neischt op der Welt go'f.

Gemitlech : (ängstlech) Dét et dan och net we'?

Möller : D'Muelen? Keng Grimmel! T'ass eso' en duselegt Gefill... Mir sto'ssen iech eran . . .

Gemitlech : Dăt kann dach net gemitlech sin

Möller : ... als ăl Fră, an dir kommt als e jonkt, fröscht, schlankt jong Médchen eraus.

Gemitlech : Ech frée mech bänzeg doriwer. Mä we'ni gét et da lass mam muelen?

Möller : Wan d'hallef Dozen voll ass, soss rente'ert et sech net. D'Mille muss sech allerhand ploen mat dénen ăle Schanken, mä Madämchen, et wärt iech net léd gin, git ro'eg e we'neg an t'salle d'attente oder virun d'Millen, ech he'eren e neie Client kommen.

Gemitlech : Zu wivill si mer schon?

Möller : Dir sid elo de' drött

Gemitlech : Ech warden dan heiniewend an der Fotellchen.

Granzeg : (könt onsöcher eran a kuckt sech schei öm) Ass et hei?

Möller : Ech bieden iech, Madame

Granzeg : Ech sin de' e'erbar Joffer Granzeg.

Möller : Hutt of! (gre'sst zackeg )

Granzeg : Ech sin an E'ren 72 Joer ăl gin!

Möller : An elo wöllt dir nés jonk gin. Dir huet recht, Madämchen.

Granzeg : Net Madämchen, ech sin eng e'erbar Joffer.

Möller : Nach besser. De' sin nach le'wer jonk we' de' ăl Wittfrăen.

Granzeg : Mein Alter ass mer le'wer we' alles op der Welt! Mais dös Nuecht hun ech mer d'Săch iwerluegt, et wir dach net schlecht wan ech me' fléck drop lass könt goen.

Möller : An nach e Stéckelchen danzen.

Granzeg : (schimmeg) Jo, mais Här Möllerméschter, net we' de Jonktem vun haut, mais e'erbar, e'erbar!

Möller : Ech verstin, Joffer!

Granzeg : Ech widerhuelen iech et: mein Alter ass mer le'wer we' alles op der Welt. Awer ech wor so' e flott Médchen, ech ge'f mech so' gären nés eng Ke'er jonk gesin.

Möller : Dăt ass so' verständlech, Joffer.

Granzeg : A we'ni gét dăt Gemuels da lass?

Möller : F'félen der nach zwo' ( t'he'ert én d'Mille klapperen)

Granzeg : O mei, a wăt ass dăt? So' e Kome'di!

Möller : Daronst gét et net gud. Gitt e we'neg bis an de Gărd oder niewen drun an d'Zömmer, wan et schellt, da kommen de' Al all zesummen.

Granzeg : Da losse mer alt nach e we'neg frösch Loft scheffe goen e'er de gro'sse Schreck könt.

Möller : (kuckt aus ) T'jibbel nach mol, a wie könt dan dohannen. Dedo ass bestömmt net weit vu Nongzeg. Mais t'ass nawell egal! ( de Möller gét e we'neg zréck, dat e net gleich gesi göt)

Quiseleg : Ech hu mer d'Săch iwerluegt - o mei, wat e Gerabbels, eng gudd Bouss - also ech hu mer iwerluegt dat d'Jonktem sech ganz gudd mat der Gottse'legkét verdre't. Dat wöll ech der Welt beweisen. Ech wöll dem heidege Jonktem d'Gottse'legkét beibrengen. Dát ass dach eng nobel Missio'n. De' Bou'ss muß ech schon op mech huelen. Nujé, t'fällt mer nawell net ze vill schwe'er ( lues) Ech losse mech alt gär muelen wan ech dodurch me' jonk gin. A wat wärten de' aner sech wonneren: d'Lisbeth, d'Suzanne an d'Margrit. De' gudd Gedanken kommen engem dacks iwer Nuecht, mir sin se och iwer Nuecht kom. O, ech gin da bestömmt net me' anescht genannt we' dat jongt, frommt Suzanne!

Möller : (könt no vir ) Hei elei, do ass jo d'Joffer Quiseleg.

Quiseleg : We', kennt dir mech?

Möller : A wé soll iech net kennen, so' eng fromm, gottse'leg Joffer

Quiseleg : Fir de' nach me' ervirzehiewen hun ech d'Intentio'n nés jonk ze gin.

Möller : Also e gudd Wierk.

Quiseleg : Wösst der, dass dach me' entrainant, wan eng sche'nt jongt Médchen so' vu Gottse'legkét voll ass we' eng ăl Joffer.

Möller : Domat sin ech ganz d'accord, Joffer, gid dir e Moment bis an de Gart, et félt nömme nach eng, an da gét et lass. ( Quiseleg gét zur äner Seit aus )

Möller : Lo félt nömme nach eng, nömmen eng. ( Joffer Ömmerfro' an Trinchen kommen eren)

Ömmerfro' : Ech sollt scho geschter spurstrechs heihigeläf kommen, mais a menger Fréd sin ech ze se'er geläf, ech hat e're geduecht ech wier scho jonk, an du sin ech mat mengem Fo'ss ömgeschlo.

Möller : Dat wor jo we' e Fluch.

Ömmerfro' : Mais lo wärt d'Sach schon an t'Rei goen, d'Trinchen huet mech heihigefe'ert an hei sin ech!

Möller : An dat jongt Kand hei?

Trinchen : O, ech wöll net gemuele gin, ech warde nömmen op d'Joffer Margrit fir se jonk a frösch nés mat hém ze huelen.

Möller : An do eso' presse'ert!

Trinchen : Mais ech ge'f dénen aneren se gär weisen. D'Bomi Gemitlech, d'Joffer Granzeg a Quiseleg, de' gléwen all net un d'Millen a wölle neischt dervu wössen.

Möller : De' Nim si mer jo all net friem, mais lo ass d'hallef Doze voll, dir könt schelle goen, Trinchen, da kommen se all heihin zesummen.
( Trinche schellt ).
( Si kommen all op d'Bühn, kucken sech verwonnert, a schwätzen durchenén )

Trinchen : Lo sin ech ower paff, a wăt hésecht dăt do dann?

Gemitle h : Dăt ste'ert d'Gemitlechkét jo net.

Quiseleg : Iwer Nuehht hun ech mer iwerluegt, dat et och fir d'Gottse'legkét nömme förderlech könt sin.

Granzeg : Mach dach kén so' en Ophiewens mach denger Gottse'legkét!

Ömmerfro' : Nén, Trinchen, wien hätt dăt geduecht!

Möller : Elo ower virun (De'Al drécken sech ängstlech widderenén) Wien huet dé méschte Courage?

Ömmerfro' : Ech, Här Möllerméschter

Möller : Abé, Joffer, da klammt hei erop, ech sto'ssen Iech erof an de Rescht gét vum selwen.

( De Möller hölleft en der Reih no erop a ste'sst se zur Seit vun de Kulissen erof. D'Mille klappert ömmer virun, wan d'Fräen erof gestupst sin, da gét se me' lues a me' schwe'er. Joffer Ömme fro' könt als e'scht nés als jong Médchen op d'Bühn)

Ömmerfro' : ( sprengt a sengt) D'Jonktem huet e feiregt Blutt...

An do könt jo och schon d'Madame Gemitlech.

( Si kommen eng no der änerer op d'Bühn, Trinchen bewonnert se gehe'ereg, klappt an d'Hänn an ömärbelt se.

Gemitlech :Dăt do lossen ech mir gefälen.

Granzeg : Elo sin ech och ni me' granzeg.

Quiseleg : An d'Gottse'legkét hun ech lo nach eng Ke'er so' gier.

Ömmerfro' : An elo gi mer zesummen bei ons gudd,. ăl Mme Gemitlech.

Gemitlech : Wăt, ăl, gewiescht wan ech gelift.

Ömmerfro' : Ah jo, entschölleg mech

Gemitlech : An da feiere mer, dat et eng Loscht ass. An den Här Möllerméschter soll net zum kierzte kommen. Mir sangen him e Ständchen wé e nach ké gesonge krut, a mir brengen him de' fettst Gäns, de' mer e'erens erwösche können.

Quiseleg : An da wölle mer als sche' jong Médercher, de Leiden d'gudd Beispil virliewen!

Möller : (reiwt sech zefridden d'Hänn a mecht eng de'f Verneigong virun senge Client'en)

Prima, dir Dammen, dir sid einfach 1 a !

(Sangen zesummen: d'Jonktem huet e feiregt Blutt! )

R I D E A U